



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Educatiounsminister, d'Madamm Banneminister an un den Här Gesondheetsminister
weiderzeleeden.

Et ass evident, datt eis schoulesch Strukturen dofir suerge mussen, datt Kanner mat
spezifesch Besoine beschtméiglechst encadréiert ginn. Dës spezifesch Besoine kënnen
esouwuel kierperlecher, ewéi och geeschteger Natur sinn.

Dowéinst muss sécher gestallt sinn, datt bei engem Kand, bei deem opgrond vun engem
medezineschen Zertifikat eng mental ("handicap mental") an/oder eng kierperlech
Beanträchtegung ("handicap physique") festgestallt gouf(en), dës Beanträchtegung(en)
berécksiichtegt gëtt/ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister, der Madamm Banneminister
an dem Här Gesondheetsminister dës Froe stellen:

- 1) Wéi e Stelleväert huet en Zertifikat vun engem Dokter iwwert déi jeeweileg
Beanträchtegung vun engem Kand, deem z.B. vun den Eltere presentéiert gëtt? Gëtt
dësen an all Fäll unerkannt oder gëtt et nach eng Iwwerpréiwung duerch
d'Schoulmedezin oder aner Strukturen?
- 2) No wéi enger Prozedur gëtt festgeluecht, op wéi eng Manéier déi spezifesch Besoine vum
Kand, déi am medezineschen Zertifikat stinn oder op eng aner Manéier festgestallt
goufen, an der Praxis vum schouleschen Alldag ëmgesat ginn?
- 3) Ass et bis dato scho virkomm, datt e medezinesche Certificat iwwert déi spezifesch
Besoine vun engem Kand vun enger Schoul an/oder engem Foyer scolaire net unerkannt
gouf?



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

- 4) Ginn et Prozeduren, déi sécherstellen, datt d'Schoul an/oder de Foyer scolaire effizient mat de Gemengenautoritéiten zesummeschafft, déi eventuell dofir suerge mussen, datt genuch Personal agestellt gëtt, fir datt d'Betreiung vu Kanner mat spezifesch Besoine ka séchergestallt ginn? Wa jo, wéi genee ass d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Staat an de Gemengen an dëse Froe gereegelt a wéi gesinn dës Prozeduren aus?
- 5) Ass zu Lëtzebuerg elo schonn am schoulesche Beräich séchergestallt, datt d'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung applizéiert gëtt? Wann net, wéi eng Moossname wëll d'Regierung huele fir d'Situatioun ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



Luxembourg, le 14 février 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de Madame la Ministre de l'Intérieur et de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire N° 143 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Ad 1)

De medezinesche Certificat, fir de gesondheetlechen Zoustand vum Kand festzustellen, gëtt meeschtens vum Hausdokter oder Spezialist geschriwwen. De Certificat soll mam Accord vun den Eltere redigéiert ginn, an ass geduecht fir Hëllef am schoulesche Beräich unzufroen.

De medezinesche Certificat soll vun dem Dokter, deen d'Kand a seng medezinesch spezifesch Problemer am beschte kennt, geschriwwen ginn. E muss nëmmen déi néideg Renseignementen enthalten, an d'Elteren oder legal Vertrieeder vum Kand mussen hiren Accord ginn, dëst wéinst deene perséinlechen a medezinesche Renseignementen, déi un d'Schoul- an Educationunspersonal weidergeleet ginn. Et zweiwelt een am Prinzip net un den Informatiounen, déi um Zertifikat stinn, well et rechtlech dem Dokter seng Responsabilitéit ass, richteg a reell Fakten ze deklaréieren.

Wat d'Médecine scolaire ugeet, ass et net hir Roll, Donnéeën ze iwwerpräiwen. A senger Funktioun als Schouldokter mécht dësen den Depistage vu klinesche Problemer, déi hien dann un den Hausdokter oder Spezialist weiderleet, an dat fir d'Diagnose méi ze präziséieren. De Schouldokter fëllt och de Certificat d'aptitude fir eng Formation professionnelle (loi du 24 août 2016, Art 5) aus, dat op Basis vun enger physescher Ënnersichung an de klineschen Informatiounen, déi aus dem Questionnaire médical ervirginn, dee vun den Elteren ausgefëllt ginn ass.

Ad 2)

Kanner mat spezifesche Besoine kënnen Upassungen an der Schoul kréien. Et ginn ënnerschiddlech Prozedure fir speziell Mesuren ëmzesetzen. Et muss een den Ënnerscheed maachen tëschent Krankheeten, wou d'Kand eng "medezinesch" Betreuung brauch, a Kanner déi physesch oder psychesch Entwécklungsproblemer hunn.

De *Projet d'accueil individualisé* (PAI) ass an der Optik erschaf ginn, fir Besoine vun deene Kanner ze berücksichtegen, déi wéinst hirer Krankheet an der Schoulzäit eng medezinesch Betreuung brauchen, wéi zum Beispill e Medikament. De PAI ass entstanen duerch de Wëlle vum Gesondheitsministère an dem Educationunministère, fir d'Inklusioun vu Kanner mat gesondheetleche Problemer ze vereinfachen. E PAI ass wichteg fir Kanner, déi Krankheeten

hunn, déi entweder am Alldag an an der Schoul Medikamenter brauchen (Insulin fir Diabetiker), oder déi an enger Noutsituatioun eng Behandlung kréie sollen (Epilepsie). Fir Kanner mat chronesch Krankheeten oder engem Handicap gëtt an enker Zesummenaarbecht tëschent Educatiouns- a Gesondheitsministère geschafft.

De Gesondheitsministère, a méi spezifesch *d'Division de la médecine scolaire, de la santé des enfants et des adolescents*, zentraliséiert medezinesch Rapporte vu Kanner mat spezifesche Besoinen an hëlleft de Schoulen an de Lycéeën duerch seng Expertise, déi néideg Moosssnamen ze huelen, fir dem Kand eng normal Scolaritéit ze sécheren, esou wäit wéi dat méiglech ass. Dat kann zum Beispill eng Adaptatioun vum Kllassesall sinn, eng Upassung vum Horaire oder eng Betreierung an der Schoul. All Fall gëtt eenzel analyséiert, mat den Informatiounen déi ee vum Dokter kritt, a gëtt zesummen an enger Reunioun mat engem Responsabele vum Schoulwiesen, den Elteren an engem Dokter vum Gesondheitsministère diskutéiert.

A Fäll wou Kanner edukativ Adaptatioune brauchen, gi "mesures d'aménagements raisonnables" zougestanen, déi et dës Kanner erlaben, fir am normale Schoulsystem ze bleiwen. Et si konkret Mesuren, déi Schülerinnen a Schüler mat enger sensorieller (lauschteren a gesinn), motorescher oder organescher Schwächt, Hëllef an Adaptatiounen am Alldag proposéieren. Sou ginn Hindernisser an hirem schoulesche Parcours reduzéiert.

Plattformen, wou der Schülerin oder dem Schüler seng spezifesch Bedierfnisser an Hëllefsmesurë festgehalen ginn, sinn *d'Commission d'inclusion* (CI) am Fondamental an *d'Commission d'inclusion scolaire* (CIS) (pro Lycée), respektiv *d'Commission des aménagements raisonnables* (CAR) am Secondaire. De Schouldokter huet an dës Kommissiounen eng wichteg Roll a kann entweder invitéiert ginn (CI) oder ass feste Member vun dem Gremium (CIS).

Mesurë fir déi betraffe Schülerin oder de betraffene Schüler ginn dann och an engem individuellen Hëllefspang festgehal an den Eltere proposéiert.

Fir jidder Schülerin oder Schüler, deen an der CI, CIS oder CAR beschwat gëtt a wou spezifesch Mesurë festgehal goufen, gëtt eng Referenzpersoun genannt, déi als Aufgab huet, d'Zesummenaarbecht vun den Acteuren aus der Schoul, der non-formaler Bildung an der Equipe médico-socio-scolaire ze ënnerstëtzen an ze begleeten. Doriwwer eraus si regelméisseg Reevaluatioune virgesi fir dës Mesuren an hir Effikassitéit ze iwwerpréieren.

Ee weidere wichtegen Acteur an dësem Beräich ass *d'Commission nationale d'inclusion* (CNI), Referenzautoritéit fir d'CI an d'CIS.

Sollt sech weisen, datt d'Hëllefsmoosssnamen um Niveau vun der Schoul oder der Region net duer ginn, kann d'CI oder d'CIS sech un déi national Kommissioun wende fir zum Beispill een oder méi national Kompetenzzentere mam Dossier ze befaassen an zum Beispill d'Schülerin oder de Schüler an de Genoss vun enger Assistance duerch e Spezialist kommen ze loossen.

Ad 3)

Bei onkompletten Informatiounen gëtt, wa méiglech, gekuckt, Präzisierungen ze kréien. De Kontakt mat den Dokteren ass dowéinst ganz wichteg fir en Dossier esou gutt a komplett wei méiglech ze hunn, fir déi néideg a richtig Decisiounen ze huelen. Et gëtt esouguer extra opgepasst, datt et net zu engem Acharnement kënnt: esou muss zum Beispill en Dokteschrapport aus dem Ausland net onbedéngt nach eemol hei zu Lëtzebuerg op de

Leescht geholl ginn. An dëse Fäll spillen d'Doktere vun der *Division de la médecine scolaire* am Gesondheitsministère, déi un de Secret médical gebonne sinn, eng wichteg Roll. Versammlungen tëschent de verschiddenen Institutiounen ginn organiséiert fir zesummen iwwer individuell Fäll ze schwätzen an och individuell Moosnamen ze huelen. Et muss awer kloergestallt ginn, datt den Dokter, deen d'medezinesch Situatioun certifiéiert, och Virschléi ka maache bei der *Prise en charge*. Hie kann awer keng Ordonnance fir pädagogesch Moosname schreiwen, zum Beispill "5 Stonnen Appui". D'pädagogesch Moosname gi vun de Kommissiounen an au vu vum ganzen Dossier organiséiert.

Plattformen fir dës Reuniounen mat all de betroffenen Acteuren aus der formal a non-formaler Bildung an dem medezineschen Beräich, sinn, wéi am Punkt 2 scho beschriwwen, déi jeeweileg Kommissiounen CI an CIS. Am Kontext vun engem *Service d'éducation et d'accueil* (SEA), dat heescht de Structure vun der non-formaler Bildung fir Kanner vun 0-12 Joer, läit d'Responsabilitéit vun der aldeeglecher Gestoun beim Träger. Dës kann en ëffentlechen (Gemeng) oder e privaten Träger sinn. All Träger huet - an engem gesetzlechen an op enger Konventioun mam Staat baséierende Kader - eng gewëssen Autonomie, fir seng aldeeglech Gestoun ze assuréieren. An deem Sënn leien dem zoustännegen Service vum Ministère fir Education, Kanner a Jugend keng Informatiounen vir, laut deenen e medezineschen Certificat vun engem Kand net unerkannt gi wier.

Ad 4)

D'Personal an de Schoulen ënnersteet dem Staat an d'Ressourcë gi vum zoustännegen Ministère fir Education, Kanner a Jugend zur Verfügung gestallt. Dës op Grondlag vun engem Kontingent, deen sech aus verschiddene Critèren zesummesetzt:

De Kontingent an der Grondschoul enthält:

1. Lektione vun der Grondschoul, déi allgemeng akzeptéiert pädagogesch Normen fir de Klasseneffectif berücksichtegen;
2. Lektionen, déi de Besoinen entsprechen am Zesammenhang mat der sozioekonomescher a soziokultureller Zesummesetzung vun der Schülerpopulatioun.

Ergänzt gëtt de Kontingent duerch d'Lektione vun dem spezialiséierte Schoulpersonal, den I-EBS, déi sech am Kader vun all Grondschoul ëm Schülerinnen a Schüler mat spezifesch Besoinen këmmen.

Fir de Secondaire gëtt all Joer ee Plan de recrutement vun der Regierung festgehal.

D'Verdeelung vun de Positiounen vun de verschiddene Carrièren a Spezialitéiten gëtt vum Educationsminister festgehal op Basis vun de spezifesch Besoinen vun de verschiddene Schoulen.

Och um nationale Plang, fir d'Kompetenzzentren, ass mam Gesetz vum 20. Juli 2018 de Kontingent fir déi spezialiséiert Strukturen agefouert ginn. Dës Kontingent gëtt no fixe Critèren gerechent, déi an de jeeweilege groussherzogleche Reglementer festgehal gi sinn.

Dës kënnen sinn:

- d'spezifesch Bedierfnisse deklaréiert vun de Kompetenzzentren an der Agence am Kader vun der Ausübung vun de Missiounen, déi hinnen duerch d'Gesetz zougewise sinn;
- d'Erhéijung vun der Unzuel vu Kanner a Jugendleche mat spezielle Bildungsbedierfnisse, déi duerch d'Kompetenzzentren an d'Agence ënnerstëtzt ginn;
- international Standarden an der spezialisierter Psycho-Pädagogik;

- d'Orientéierung vu Schülerinnen a Schüler bei d'Kompetenzzentren duerch d'CNI;
- allgemeng a regional demographesch Entwécklungen;
- d'Aarbecht vum Personal;
- d'progressiv Realiséierung vun de Missiounen;
- d'Personalbedéngungen, déi néideg si fir Ersatzstonnen ze garantéieren;
- organisatoresch oder pädagogesch Reformen oder aner Moosnamen oder Situatiounen, déi d'Personalbedéngunge beaflossen.

Inklusioun ass ee vun de grouse Prinzipien aus dem non-formale Bildungsberäich fir Kanner a Jugendlecher. Am konventionéierte Beräich kann eng Struktur, déi gewësse Konditiounen erfëllt, zousätzlech Personalressourcë kréie fir eng inklusiv Pädagogik ëmzesetzen. Dës zousätzlech Moyene sinn net op ee spezifesch Kand bezunn, mee sollen Equippen ënnerstëtzen an der Ëmsetzung vun enger inklusiver Demarche. Zousätzlech kann all SEA op de Service INCLUSO vun der *Association des Parents d'Enfants Mentalement Handicapés* (APEMH) zeréckgräifen, deen e Ressourcenzentrum ass fir d'SEA bei alle Froen ronderëm d'Inklusioun. Si offréieren Ënnerstëtzung fir interesséiert Equippen, wann et ëm d'Ëmsetzung vun enger inklusiver Haltung am pädagogeschen Alldag geet. Den INCLUSO schafft och enk zesumme mat de verschiddene Kompetenzzentren.

Ad 5)

Säit 1973 gëllt zu Lëtzebuerg fir **all** Schülerin a Schüler eng Schoufflicht, also och fir déi mat spezifesch Bedierfnisser. Dës ass nach eng Kéier am Gesetz vun 2009 iwwert d'Schoufflicht bestäetgt ginn. Kee Kand oder Jugendleche kann also op Grond vun senger Bedierfnisser vun der Beschoulung ausgeschloss ginn.

Doriwwer eraus huet Lëtzebuerg een insgesamt inklusiven Schoulssystem. Anescht wéi a vill aneren europäeschen Länner an och an Nopeschlänner, gëtt all Kand oder Jugendlechen och mat spezifesch Bedierfnisser d'office an der Schoul vu senger Gemeng ageschriwwen.

Fir een adäquaten Encadrement vun den Schülerinnen a Schüler mat spezifesch Bedierfnisser ze garantéieren ass déi lescht Joren een Dispositiv op dräi Niveaue geschaf ginn:

- um lokalen Niveau, der Schoul, ass de spezialiséierten Enseignant am Beräich vun de spezifesch Bedierfnisser, den I-EBS, etabliert ginn;
- um regionalen Niveau sinn d'Ënnerstëtzungsequippe fir Kanner mat spezifesch Bedierfnisser entstan (ESEB);
- um regionalen Niveau sinn 8 Kompetenzzentren an 1 Agence fir d'Transitioun an d'autonomt Liewe gegrënnt ginn.

Weiderhin ass et wichteg dorop hinzewiesen, datt ëmmer de Wëlle vun den Elteren ausschlaggebend ass. Keng Mesuren oder Reorientatiounen kënnen ouni d'Averständnes vun den Elteren duerchgefouert ginn.

Nei ass och, mam Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert d'Aféierung vun den nationale Kompetenzzentren, datt jidder Schülerin oder Schüler weider an der Schoul vu senger Gemeng ageschriwwen bleift, och wann eng spezialiséiert Beschoulung an engem Kompetenzzentrum vun den Elteren gefrot gouf.

All déi Angeboter si gratis an ginn net zu Laaschte vun den Elteren a Familien.

Des Weideren ass de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend enk an d'Opstellung vum *Plan d'action national en faveur des personnes handicapées* mat agebonnen, wou mat der Zivilgesellschaft an anere Ministèrenn ënnert der Leedung vum Familljeministère weider Ziler fir 2019-2023 festgehal ginn.

A handwritten signature in black ink, consisting of a large, stylized 'C' followed by a horizontal line and a small loop.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse